
# d'Peffermillen

Iwwerdeems de gréngen Deputéierte Robert Garcia eng “Proposition de loi” formuléiert, fir d’Schoulkantinen ënnert staatlech Kontroll ze stellen, fir dass do endlech kënnt fir eng gesond Ernährung gesuergt gin - eng Propositioun, di vun der CSV-Députéierten als kommunistesch refuséiert gouf! -, plangt den Éducatiounsministär monter weider u private Kantinen ouni ernährungspädagogesch an ernährungsphysiologesch Konzepter. Um Campus Geesseknäppchen as elo eng grouss Kantin virgesin, di maximal 1200 Molzechte pro Dag ka kachen, obschon do 5000 Schüler gär z’iessen hätten. Fir dass di aner nët all an de Bistroë landen, di wuel a näxter Zäit an där Géigend entstin, soll d’Gérélux am Kolléisch däerfen e Big-Mac-Restaurant opman an am Lycée Michel-Rodange eng Crêperie. Dat as kee Witz! Wann ee weess, wéi schwéier di Firma sech gedoen huet, fir am Lycée technique Michel-Lucius d’Cafeteria no Kritäre vu gesondem Iessen ze féieren, wann ee weess, dass elo schon an de Kantinen um Geesseknäppche méi Fritte mat Ketchup verkaf gi wi ganz Iessen, da brauch ee sech jo nët z’erwaarden, dass ouni staatlech Obligatiounen di Firma aner wi Profitkritären applizéiere wäert. Mat enger DP-Ministesch am Erzéiungsministär as jo wuel och näischt anescht z’erwaarden, oder?

Ëmmer neess krit de Koschter Beispiller erzielt, wi Leit am Rollstull oder Leit mat Kannerkutsche benodeelegt gin. Déi Kéier trëfft ët de Koschter duebel, well en ongewollt selwer betraff as: Wee nämlech a bestëmmten MPK-Shoppen séng Zeitung oder säi forum wëllt kafen, kënnt do nët eran, wann en am Rollstull kënnt oder eng Kannerkutsch virun sech dréckt. Di Tourniqueën, di d’Leit an der Entrée zielen, man dat onméiglech. Dës lescht gouf eng Fra mat enger Kannerkutsch suguer graff vernannt, well se gehofft hat, di Barrière kënnen z’ëmgoen. Natierlech kënnt de Koschter elo entwerten, di Kioskkeefer sollte sech dach abonnéieren, dann hätten se dee Problem nët méi. Mä dofier as d’ongewollt Diskriminatioun duerch d’Firma MPK awer nët aus der Welt geschaf.



**m.p.**